

Evangelium vu Stiefesdag [26. Dezember] (Joer A - B - C)

Mt 10,17-22

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- ¹⁷ De Jesus sot zu senge Jünger:
"Huelt iech an Uecht virun de Mënschen!
Si liwweren iech nämlech un d'Geriichter aus,
an an hire Synagogen, do gäisselen si iech.
¹⁸ Och viru Gouverneuren a Kinneke gitt dir da geschleeft
wéinst menger,
fir esou bei hinnen a bei den Heeden Zeegnes ze ginn.
¹⁹ Wann si iech awer ausliwweren,
da maacht iech keng Suergen driwwer,
wéi dir schwätzen oder wat dir soe sollt,
well an där Stonn kritt dir dat, wat dir soe sollt, an de Mond geluecht.
²⁰ Deen Ament sidd dir et nämlech net, déi schwätzen,
ma et ass de Geescht vun ärem Papp, deen dann an iech schwätzt.

²¹ E Brudder liwwert deen aneren aus, fir hien doutmaachen ze loossen
an d'nämmlecht liwwert e Papp säi Kand aus,
a Kanner erhiewen sech géint hir Elteren
a maachen si dout.
²² Wéinst mengem Numm gitt dir vun en all gehaasst.
Wien awer duerhält bis un d'ENN,
dee gëtt gerett."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*